DISKRIMINATIOUN AN DER EU 2009

EUROBAROMETER

EU27 Unzuel vun Interviewen: 26,756
Feldaarbecht: 25ten Mai - 17ten Juni 2009

LU Unzuel vun Interviewen: 504
Feldaarbecht: 25ten Mai - 17ten Juni 2009

Methodik (Virgoensweis): Perséinlech (Vun Mann zu Mann)

1. Kontext

QE16 Hutt Dir Frënn oder Bekannten... ?

Äntwert: Jo



Eng grouss Majoritéit vun den Interviewten zu Lëtzebuerg seet, dass an hirem Frënn- a Bekanntekrees och Leit mat enger anerer Relioun oder engem anere Glawe sinn, Behënnerten, Leit mat aner ethneschen Originen oder Homosexueller. Dës Undeeler si vill méi héich wéi den europäeschen Duerchschnëtt.

Allerdings ass et vill méi onwahrscheinlech wéi bei aner Europäer (en Ënnerscheed vun 9 Punkten), dass ënnert hire Frënn oder Bekannten Zigeiner sinn.

Sou wéi et a ganz Europa festgestallt (zwar a méi engem groussen Ausmooss) gouf, sinn et déi jéngsten Interviewten zu Lëtzebuerg an déi mat der héchster Schoulausbildung, déi am wahrscheinlechste Kontakt mat Leit mat aner ethneschen Originen.

Sozio-demopraphischen Zesummenbroch

ITEM: Déi eng aner ethnesch Hierkonft hun wéi Dir

Jo %	EU27	LU
Total	57%	75%
Geschlecht		
Männlech	60%	76%
Weiblech	54%	74%
Alter		
15-24	71%	90%
25-39	65%	86%
40-54	60%	73%
55 +	42%	59%
Ausbildung (Um Enn vun der)		
15-	41%	66%
16-19	56%	69%
20+	67%	80%
Nach um studéieren	73%	96%

2. Perceptioun an Erfahrung mat Diskriminatioun

QE1 Sot mir, fir all Zort vun den folgenden Diskriminatiounen, op et Ärer Meenung no eppes ass wat wäit verbreed, zimlech verbreed, éischter seelen oder ganz seelen zu Lëtzebuerg ass. Diskriminatiounen op Grond...

Äntwert: Total "verbreed"



Obwuel Diskriminatioun opgrond vun ethneschen Originen an enger Behënnerung déi heefegste Form vun Diskriminatioun zu Lëtzebuerg ass, weisen d'Resultater eng méi eng kleng Heefegkeet vun de sechs Forme wéi an den anere Memberstaten – virun allem am Fall vun Diskriminatioun opgrond vum Alter, dem Geschlecht an den ethneschen Originen (tëschent 15 an 21 Punkten am Verglach mam europäeschen Duerchschnëtt).

EUROBAROMETER 71.2
RESULTATER FIR LËTZEBUERG

LU

D'Europäer an d'Kommissioun

DISKRIMINATIOUN AN DER EU 2009

EUROBAROMETER

EU27 Unzuel vun Interviewen: 26,756
Feldaarbecht: 25ten Mai - 17ten Juni 2009

LU Unzuel vun Interviewen: 504
Feldaarbecht: 25ten Mai - 17ten Juni 2009

Methodik (Virgoensweis): Perséinlech (Vun Mann zu Mann)

3. Diskriminatioun op der Aarbescht

QE5 Wann zu Lëtzebuerg e Betrib eng Persoun astellen wëll an wann se d'Wiel huet tëschend zwee Kandidaten mat den selweschten Kompetenzen an Qualifikatiounen, wéieen vun den Kriteren an der folgender Lëscht kënnen Ärer Méenung no en Nodeel fir e Kandidat sinn?



De Ranking vun de Critèren, déi am meeschte kënnen en Desavantage fir Kandidaten an engem Virstellungsgespréich sinn, ass e bëssi anescht zu Lëtzebuerg wéi beim europäeschen Duerchschnëtt. D'Kleeder an d'Optrieden, den Alter a Behënnerunge ginn am heefegste genannt. An och wéi ee Kandidat sech ausdréckt, dem Kandidat säin Numm oder d'Präsenz vun engen reliéise Symbol ginn zu Lëtzebuerg méi oft als Grond fir Diskriminatioun beim Astelle vun neie Mataarbechter genannt.

4. Diversifikatioun an den Medien

QE11 Denkt Dir dass d'Diversitéit an de Medien genuch vertratt gett, waat … betrefft?



Mat Ausnahm vu Behënnerungen sinn déi meeschten Interviewten zu Lëtzebuerg der Meenung, dass Diversitéit genuch an de Medie representéiert ass. D'Verhältnis läit no beim europäeschen Duerchschnëtt.

EUROBAROMETER 71.2
RESULTATER FIR LËTZEBUERG

LU

D'Europäer an d'Kommissioun

DISKRIMINATIOUN AN DER EU 2009

EUROBAROMETER

EU27 Unzuel vun Interviewen: 26,756
Feldaarbecht: 25ten Mai - 17ten Juni 2009

LU Unzuel vun Interviewen: 504
Feldaarbecht: 25ten Mai - 17ten Juni 2009

Methodik (Virgoensweis): Perséinlech (Vun Mann zu Mann)

5. Anstellung geigeniwer der Onglaichheet

QE6 An op enger Skala vun 1 bis 10, kéint Dir mir soen wéi Dir géift empfannen wann eng Persoun, déi zu enger vun den folgenden Kategorien gehéiert, op den héichsten politeschen Posten zu Lëtzebuerg gewielt géif ginn?

Äntwert: Duerschnëttsnote



Wéi an der Europäescher Unioun am Allgemenge gesinn zu Lëtzebuerg d'interviewte Persounen et net als e Problem, wann e politesche Leader aus enger vun de geteste Kategorie kéim. Bis op eng Ausnahm: Dës Persoun soll net méi al wéi 75 sinn.

Alles an allem falen d'Interviewten zu Lëtzebuerg duerch hir héich Akzeptanz, wat Homosexualitéit an d'ethnesch Origine bei Politiker ugeet, op.

6. Diskriminatioun bekämpfen

QE10 Kennt Dir Är Rechter wann Dir Affer vun enger Diskriminatioun oder engem Harcelement (Belästegung) sidd?



Sozio-demopraphischen Zesummenbroch

Jo %	EU27	LU
Total	33%	32%
Geschlecht		
Männlech	35%	35%
Weiblech	31%	29%
Alter		
15-24	34%	30%
25-39	37%	30%
40-54	36%	31%
55 +	27%	34%
Ausbildung (Um Enn vun der)		
15-	21%	22%
16-19	33%	34%
20+	44%	38%
Nach um studéieren	33%	27%

D'lëtzebuergesch Resultater bei dëser Fro ënnerscheede sech e bëssi vun de Resultater am Rescht vun Europa. Méi wéi d'Halschent vun den Interviewten an dësem Land géing hir Rechter, wa si Affer vun Diskriminatioun oder Belästegunge géing ginn, net kennen.

Den Alter vun den Interviewte spillt bei der Kenntnis vun hire Rechter keng grouss Roll a läit bei circa 30%. Trotzdem si Leit mat der héchster Schoulausbildung vill besser iwwert hir Rechter informéiert wéi den nationalen Duerchschnëtt, während Fraen (potentiell Affer vun Diskriminatioun) anscheinend manner hir Rechter kennen.

EUROBAROMETER 71.2
RESULTATER FIR LËTZEBUERG

LU

D'Europäer an d'Kommissioun

DISKRIMINATIOUN AN DER EU 2009

EU27 Unzuel vun Interviewen: 26,756
Feldaarbecht: 25ten Mai - 17ten Juni 2009

LU Unzuel vun Interviewen: 504
Feldaarbecht: 25ten Mai - 17ten Juni 2009

Methodik (Virgoensweis): Perséinlech (Vun Mann zu Mann)

6. Diskriminatioun bekämpfen

QE9 Am Allgemengen, géift Dir soen, dass zu Lëtzebuerg genuch Effort'en gemaach gin géint all Formen vun Diskriminatioun?



Entwécklung Mai-Juni 2009 - Febr-März 2008

	EU		LU	
	EB71.2	Verschidden EB71.2-EB69.1	EB71.2	Verschidden EB71.2-EB69.1
Total Jo	49%	+2	62%	+1
Total Nee	44%	-4	34%	+2
Wees net	7%	+2	4%	-3

Am Verglach mat den aner Europäer sinn d'Interviewten zu Lëtzebuerg vill méi oft der Meenung, dass genuch Efforte géint all Form vun Diskriminatioun an hirem Land gemaach ginn (en Ënnerscheed vun 13 Punkten). D'Äntwerten op dës Fro si säit dem leschte Joer stabel bliwwen.

QE15 Am Fall wou Dir d'Affer vun enger Diskriminatioun oder Belästegung wiert, un wien géift Dir lech wenden? Als éischt? An dann? An zum Schluss?



* Spezifeschen Numm deen an all Land gin as

Obwuel d'Lëtzebuerger – sou wéi d'Europäer all Allgemengen – sech fir d'éischt géingen un d'Police wenden, wa si Affer vun Diskriminatioun oder Belästegunge géife ginn, ass et awer vill méi wahrscheinlech, dass si sech géifen un eng Gewerkschaft oder en Affekot wende wéi de Rescht vun den Europäer. Eng Chancegläichheets-Organisatioun gëtt vill manner oft genannt (9 Punkte manner), genau wéi ONGen oder aner Associatiounen.